



## Assemblée générale ordinaire du 21 février 2024

### Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,  
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir lech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Normalerweis wär eisen fréieren laangjäregen AGC-Präsident Fernand Muller denowend bei eis gewiecht, mä hien huet sech kuerzfristeg wéinst engem Doudesfall an der Famill ofgemellt. Eist häerzlecht Bäileed gëllt him op dëser Plaz!

Natierlech begréissen ech och eisen Comitésmember Romain Wolff an sénger Funktioun als CGFP- an CHFEP- Präsident op dëser Plaz ganz häerzlech.

Eng Traditioun ass et méttlerweil och schon datt den CGFP-Generalsekretär Steve Heiliger bei eis lauschteren kënnt. Du bass ëmmer bei eis wëllkomm!

Et ass och flott datt eis Berufschamber haut op eiser Generalversammlung vertraueden ass. Dowéinst heeschen ech d'Deborah Lieggi, d'Teresa Dias an den Marc Poos hei an eisen Reien häerzlech wëllkomm!

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Ganz frou sinn ech awer och datt Verrieder vun aneren Associatiounen denowend hei bei eis sinn. Ech giff do d'AFEE, den SUID an och d'AGITE ernimmen. Merci datt der hei sidd!

Säit 2015 hu mer eis Generalversammlungen am Parc Hotel zu Dummeldeng organiséiert. Dëst Joer huet den Comité décidéiert fir d'Generalversammlung hei bei A Guddesch ofzehalen. Et ass net de Fall datt mer onzefridden am Parc Hotel waren, mä vun Zäit zu Zäit muss een eppes änneren an eppes Neies woen. Et kéint sinn datt mer di nächst Joeren nach aner Plazen am Land wärten ausprobéieren!

Nei ass dann och eis Regierung. No den Walen vum 18. Oktober 2023 huet sech relativ schnell den 20. November 2023 mam Koalitiounsaccord eng CSV-DP-Regierung zesammengestallt. Den neien Luc an séng Equipe hunn an deem Accord 2 vun 209 Säiten fir d'Fonction publique virgesinn. Ëmmerhin, et hätt kënne schlëmmer sinn! Et gesäit een trotzdeem datt d'Prioritéiten anescht leien.

Den neien Luc schéngt séng al Usiichten net verluer ze hunn. No den Annoncen iwwert d'Pensiounen an nodeems den Finanzminister gesot huet datt di nächst Joeren d'Schrauf e bëssen muss ugezu ginn, stinn d'Zeechen éischer op Austeritéitspolitik. Dat ass awer net déi richteg Method fir an dësen Zäiten, wou et de Leit schwéier fällt fir d'Enner beieneenzekréien, duerfir ze suergen datt méi an der Täsch ass.

Eent huet eis Regierung awer an Tëschenzäit erausfonnt: De Bausecteur ass an der Kris! Datt et do awer schon säit geraumer Zäit ruckelt, schéngt nach kengem opgefall ze sinn, besonnesch enger DP net déi an de läschten Legislaturen an der Verantwortung war.

An engem aneren Dossier huet sech déi nei Regierung lo schonn fatzeg an de Knéi geschoss. Firwat den Innenminister an d'Stater Buergermeeschtesch sou stuer am Bettelverbuet virginn ass net ze verstoen. Doduerch datt et en däeregen Dossier ass an et schwéier ass fir do Ënnerscheeder ze man, ass et kloer datt den Schoss no hannen lass gaang ass. Aus där Affär kënt lo kee méi propper raus an et wärd do eppes un der neier Regierung päsche bleiwen.

Am Ministär vum ëffentlechen Déngscht huet den jonken an dynameschen Serge Wilmes den Marc Hansen ersat. Frësch Loft deet ëmmer gutt! Iergendwéi huet een awer d'Gefill datt den neien Minister net weess wat en soll soen oder réischt eppes därerf soen wann en den neien Luc gefrot huet. Den Comité huet jiddfalls en Bréif opgesat deem dem Minister den 17. Januar 2024 zougeschéckt ginn ass. An deem Bréif hu mer eis Fuerderungen opgelëscht an och den Dossier vun der Formatioun ernimmt an deem mer nach ëmmer aktiv sinn. Den 05. Februar 2024 huet den Minister eis eng Entrevue fir den 29. Abrëll 2024 ugebueden, déi mer ugeholl hunn. Mir hoffen op en besseren Ëmgangstoun am Ministär vum ëffentlechen Déngscht, wat omfong ouni den Marc Hansen net schwéier däreft z'erreechen sinn!

Eppes huet déi nei Regierung awer ganz schnell färdeg bruecht: Sech et mat der CGFP ze verdierwen! D'Gehälterofkommes vum 09. Dezember 2022 huet an séngem Punkt 10 ganz kloer virgesinn datt den Bewäertungssystem retroaktiv op den 01. Januar 2023 géif ofgeschaf ginn. Just virun de Walen huet di läscht Regierung per Règlement grand-ducal erëm en Bewäertungssystem bei der Arméi géint de Widderstand vun eisen Kollegen vum SPAL agefouert. D'CGFP huet dunn och mat eiser Ënnerstëtzung décidéiert fir an d'Prozedur vum Litige ze goen. Nodeems d'Conciliatioun en Échec war an et lo an d'Médiatioun geet, schéngt déi nei Regierung net anzelenken. Ech mengen datt ech fir jiddereen hei am Sall schwätzen wann ech soen datt et absolut inakzeptabel ass datt eng Regierung, och wann se nei ass, d'Gehälterofkommes dat mat der CGFP verhandelt ginn ass net respektéiert. Dat däreft mer net toleréieren! Duerfir soen ech hei ganz kloer datt d'CGFP mat der voller Ënnerstëtzung vun der AGC kann rechnen an datt d'AGC all gewerkschaftlech Mossnahmen déi d'CGFP wärd décidéieren matdroen wärd!

Denowend proposéiert den Comité iech fir den Artikel 5 vun eisen Statuten nei ze formuléieren. Deen Artikel définéiert wien Member an eisem Veräin däerf ginn. Wéi ech et op der läschter Generalversammlung den 16. März 2023 ugekënnegt hat, sinn d'läscht Joer Gespréicher am Kader vum B1 an A2 technique mat aneren Associatiounen gefouert ginn. D'Fédération Générale des Expéditionnaires et Chargés (FGEC), déi den B1 technique vertritt, wëll mat eis zesummeschaffen. Mat der Association Générale des Bachelors Scientifiques et Techniques de l'État (AGITE), déi den A2 scientifique et technique vertritt, hu mer e puer Verhandlungsrunden gebraucht fir schlussendlech en Konsens ze fannen. Ech wëll den Verrieder vun den 2 Associatiounen e groussen Merci soen fir déi angenehme Gespréicher an déi aktuell an zukünfteg gutt Zesummenarbecht. Mat ärer Zoustëmmung fir dës Statutenännerung kéint sech d'AGC méi breet opstellen an d'Wäichen fir d'Zukunft stellen.

Eppes Guddes an Neies hunn d'Gespréicher mat der AGITE awer och nach mat sech bruecht. D'AGC an d'AGITE hunn festgehalten fir mi enk zesummenzeschaffen. Den Groupe de traitement A2 wärd an Zukunft weider wuessen an un Bedeitung zouhuelen. Aus deem Grond ass et wichteg datt déi 2 Associatiounen déi den Groupe de traitement A2 verrieden mat hiren verschiddenen Bléckwénkelen mateneen cooperéieren. Déi Zesummenarbecht huet dann den 17. Januar 2024 och schonn e Bréif un den Serge Wilmes opweises. Hei froe mer fir d'Endgehalt ëm 2 Biennalen ze héijen fir d'Studienzäit fir en Bachelor-Diplom ze kompenséieren. Den Minister huet den 05. Februar 2024 réagéiert an eis eng Entrevue fir den 19. Abrëll 2024 ugebueden. Eng Délégatioun vun den 2 Associatiounen wärd do präsent sinn. Tëscht den 2 Associatiounen ass och iwwert Zukunftsvisiounen diskutéiert ginn, wéi een den B1 an A2 an enger Associatioun kéint verrieden, mä do muss en gutt Konzept ausgeschafft ginn wat eng breet Zoustëmmung an den 2 Associatioun misst hunn. Kloer ass datt et am Sënn vun der AGC ass fir den ganzen B1 an den ganzen A2 ënnert engem Hutt ze hunn.

Net méi ganz nei ass eis AGC. Si feiert d'nächst Joer hir 50 Joer. Den 08. Juli 1975 ass d'AGC op enger Grënnungsversammlung an der Brasserie Pôle Nord aus der Fusioun vun der Entente des cadres an der Association luxembourgeoise des cadres fonctionnaires entstanen. Duerch d'Entente des cadres kann d'AGC sugger behaupten Grënnungsmitglied vun der CGFP ze sinn. Am Laf vun deenen 50 Joer war d'AGC gewerkschaftlech ganz aktiv, och wann net alles erreecht ginn ass. Eppes, wat och d'Grënnungspappen der AGC op den Fändel geschriwwen hunn, ass an deenen 50 Joer héichgehalten ginn: den Zesummenhalt an d'Komerodschaft! Och wann een dat haut net méi richteg gesäit, soen ech ganz kloer datt d'AGC haut nach ëmmer dofir steet. Ech sinn houfreg op eis AGC an ech wënsche mer datt mer all zesummen deen Gebuertsdag d'nächst Joer anstänneg feieren wärten.

Den Comité huet elo rezent d'Décisioun geholl fir der AGC en neien Logo ze ginn. Den alen Logo huet eis Associatioun déi läschten 20 Joer an der CGFP an doriwwer eraus duergestallt. Ech fannen datt et de richtegen Zäitpunkt ass fir deen Schratt am Virfeld vum ronnen Gebuertsdag an och vun den Walen fir d'Beruffschamber ze maachen. Mam neien Logo ännert och eis Aussenduerstellung, wou mer ménger Meenung no nach ganz vill Potenzial hunn. Doduerch hu mer d'Méiglechkeet duerch eisen Internetsite, den Inforum oder och op den Social medias eis besser ze présentéieren. Virun allem geet drëms als AGC méi siichtbar ze ginn. Den neien Comité wärd sech réischt an den nächsten Méint op een Logo festleeën, mä ech kann iech awer eppes verroden: D'AGC ass un d'CGFP affiliéiert an ass kloer fir den gewerkschaftlechen Zesammenhalt ënnert dem Daach vun der CGFP als eenzeg representativ Gewerkschaft am öffentlechen Déngscht an duerfir wärte mer mat Stolz den Logo vun der CGFP an eisen neien Logo integréieren!

D'Generalversammlung huet härno nach déi nobel Aufgab fir en neien Comité ze wielen. No 3 Joer sinn d'Mandater nees ofgelaf an et konnt bis den 18. Februar 2024 jiddereen deen motivéiert ass an Loscht huet fir fir den B1 an A2 anzetrieden séng Kandidatur per Mail eraschécken. En vue vun den Beruffschamberwalen d'nächst Joer, ass et wichteg datt mer am Comité gutt opgestallt sinn fir eng gutt Lëscht kënnen an d'Rennen ze schécken. Aus deem Grond hat ech op ganz vill Kandidaturen gehofft fir datt mer eisen Comité no laanger Zäit rëm kënnen komplett fëllen. Dat huet net ganz geklappt, mä et sinn trotzdem 19 Kandidaten déi sech manifestéiert hunn. Wéi der spéider wärd gesinn, hu sech och nei an dynamesch Leit an den neien Comité gemellt. Deemno kann ech behaupten datt mer eng gutt Mëschung am neien Comité wärten hunn fir d'Zukunft kënnen unzepaken. Wann nach een interesséiert ass am Comité matzemaachen, dāerf en sech gären bei eis mellen. Et ass ni ze spéit. Mir hunn nach 2 open Plazen ze verginn!

Zu gudder Lëscht muss ech op dëser Plaz eng Persoun speziell ernimmen, déi net méi fir den neien Comité kandidéiert. Den Romain Kremer huet an den läschten 3 Joerzénge der AGC säin Stempel verpasst. Duerch säin Wëssen an säin rhetorescht Talent vun deem och den Persifleur oft profitéiert huet, war hien e ganz wichtegen Deel vum Comité. Merci Romain fir dāin Asaz! Den neien Comité wärd dech vermessen! Bleif eis nach laang erhalen an du kriss natierlech mi spéit am Joer deen Abschiid deen s du verdéngt hues!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!